# B2

# Kommentar zum Léierwierk *Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? B2*

D'Léierwierk *Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? B2* orientéiert sech um Gemeinsamen Europäesche Referenzkader fir Sproochen (GER), esou wéi och schonn d'Léierbicher vun den Niveauen A1, A2 a B1. Déi thematesch Inhalter orientéiere sech ausserdeem un de Syllabi vum INLL. D'Léierwierk ass an dräi Partien opgedeelt, déi den Niveaue B2.1, B2.2 a B2.3 vum INLL entspriechen.

D'Léierwierk baséiert op engem schülerzentréierten an handlungsorientéierten Unterrecht, bei deem Kompetenzen an alle véier Beräicher (Héierverstoen (HV), Liesverstoen (LV), mëndlechen Ausdrock (MA) a schrëftlechen Ausdrock (SA)) vermëttelt ginn an an all Kapitel rezeptiv, produktiv a kognitiv Kompetenze gefërdert a gefuerdert ginn. Déi verschidden Inhalter sollen den Apprenanten Elementer a Strukture bidden, fir sech an engem breeden Theemespektrum differenzéiert ausdrécken ze kënnen a komplex Äusserunge verstoen ze kënnen.

D'Léierwierk besteet aus néng Dossieren zu verschiddenen Theemen, allkéiers dräi pro Niveau:

- Niveau B2.1: Dossieren 1 – 3
- Niveau B2.2: Dossiere 4 – 6
- Niveau B2.3: Dossiere 7 – 9

All Dossier besteet aus op d'mannst:

- engem Kommentar fir d'Léierpersoun
- engem komplett didaktiséierten* Héierverstoenstext
- engem komplett didaktiséierte* Liesverstoenstext
- engem genau definéierten Optrag fir eng mëndlech Produktioun
- engem genau definéierten Optrag fir eng schrëftlech Produktioun
- engem literareschen Text oder engem Text iwwert d'Literatur
- engem Text iwwert d'Sprooch

**Ënner engem komplett didaktiséierten Text versteet een en Text, zu deem eng ganz Rei Übungen, Opträg an Aktivitéiten (mat Léisungen) ausgeschafft gi sinn. Dacks ginn déi Opträg iwwert déi rezeptiv Fäerdegkeet eraus an/oder féieren zu anere Fäerdegkeeten hin. Wann dat de Fall ass, steet do e Verweis op déi jeeweileg Fäerdegkeet mat dësem Piktogramm:*

Am Kommentar vun all Dossier fannt Dir:

- d'Theema vum Dossier
- d'Léierziler vum jeeweilegen Dossier
- eng kuerz Beschreiwung vum Inhalt vum Dossier
- eventuell zousätzlech Iddien (Linke fir authentescht Material, literaresch Texter, Sortien asw.)
- Iddien zu weideren Theemen an Aktivitéiten zu dësen Theemen
- Iddie fir grammatesch Punkten, déi een am Kader vum Dossier kéint behandelen

Och wann dräi thematesch Dossiere pro Niveau proposéiert ginn, gëtt awer recommandéiert, der just zwee an engem Semestercours (ca. 60 Stonnen) ze behandelen. All Dossier soll nämlech mat eegenem, authenteschem an aktuellem Material completéiert ginn. Eng kleng Hëllef, fir Texter selwer ze didaktiséieren, fënnt een am Dokument *Aufgabestellunge fir Héier- a Liesverstoen*.